



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/01/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Digitalisatioun weiderzeleeden.

D'CNPDP, d'Commission nationale pour la protection des données, huet ënnert anerem d'Aufgab ze kontrolléieren, dass déi national an europäesch Dateschutzgesetzter zu Lëtzebuerg konform applizéiert ginn. Gläichzäiteg ass d'CNPDP och responsabel fir Reklamatiounen ze traitéieren, wa Persounen, Organisatiounen, Organismen oder Associatiounen mellen, dass géint hier Rechter am Beräich vum Dateschutz verstouss gouf.

Elo soll et am vergaangene Joer awer bei der CNPDP selwer zu engem Verstouss géint den RGPD (règlement général sur la protection des données) kumm sinn, well perséinlech Date vun den Newsletterabonnente vun der CNPDP an d'USA iwwermëttelt goufen, obwuel d'CNPDP uginn hat, dass dës op Server a Frankräich géifen traitéiert ginn an d'EU soumat net géife verloossen. Hannergrond war den Ëmstand, dass den europäeschen Ubidder, iwwert deen den Newsletter gelaf ass, vun enger amerikanescher Firma opkaf gouf, an d'CNPDP verpasst hat dës Ännerung hiren Abonnente matzedeelen.

Dëse Verstouss werft d'Fro op, ob hei de Kontrolleur selwer net och kontrolléiert misst ginn.

Wéi Paperjam den 11.01.2021 gemellt huet, huet D'CNPDP entretemps d'Zesummenaarbecht mam besoten Ubidder bëend, während de CTIE, de Centre des technologies de l'information de l'Etat, awer weiderhin op dësen Ubidder setzt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass dee genannte Verstouss säitens der CNPDP dem Minister bekannt?
2. Ass bekannt, wisou verpasst gouf, déi betraffe Persounen am Virfeld iwwert d'Changementer beim Ubidder ze informéieren, a gouf eppes gemaach, fir dass esou Feeler an Zukunft net méi geschéien?
3. Deelt de Minister d'Aschätzung vun der CNPDP, dass de Verstouss net grouss genuch war, fir geméiss dem Artikel 34 vum RGPD déi betraffe Persounen iwwert e Verstouss géint de Schutz vu persounbezunnen Daten ze informéieren?



Op wéi eng Argumenter stäipt sech dës Aschätzung?

4. Wéi assuréiert d'Regierung, dass Persounen, déi eng Verletzung vum Schutz vun hire persounebezunnen Date wëlle mellen, dëst och kënne maachen, wann de Verstouss vun der CNPD selwer ausgaangen ass?
5. Bräicht et eng zweet Ulafstell, fir Plainten ze traitéieren, ëm déi sech d'CNPD net këmmere kann, well si selwer betraff ass?
6. Goufe vum CTIE sämtlech betraffe Persounen doriwwer informéiert, dass hier Daten elo a Staaten ausserhalb vun der EU iwwermëttelt kënne ginn?
7. Ass de Minister der Meenung, dass et fir d'Regierung verrietbar ass, weiderhi mat enger Entreprise zesummen ze schaffen, déi aus Sicht vun der CNPD, den Uspréich un den Dateschutz net méi vollstänneg gerecht gëtt?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député

